

Caroline Döhmer

Peenis, Pujel, Pissgeschier

Sexuell Wuertfelder am Lëtzebuergeschen tëscht neutralem a vulgärem Vocabulaire

Féck dech! Féck mech! Och am Lëtzebuergeschen hält de Beräich vun de sexuelle Begrëfflechkeeten eng Rei Wieder an Tournurë bereet – vun anatomesch-neutral iwwer witzeg-kreativ bis penibel-vulgär. Dësen Artikel retracéiert de Wee vu sexuelle Wuertfelder vun de 50er-Jore bis haut, geréit dobäi an terminologesch Sakgaassen a weist gläichzäiteg nei (Aus-)Weeër.

Wann een sech eng stilistesche Achs virstellt (vun neutral bis vulgär), stellt sech d’Fro, wou déi meescht Begrëffer situéiert sinn. Unhand vun dräi Wuertfelder soll versicht ginn, eng Äntwert op dës Fro ze fannen. Am Fokus vun dëser Analys stinn: de Peenis, d’Scheid an d’Beschreibung vu sexuellen Handlungen tëscht zwou Persounen. An dësem Kontext goufen den LWB (Luxemburger Wörterbuch, entstan tëscht 1950 an 1975)¹ an den LOD (Lëtzebuergesche Online Dictionnaire, vun 2000 bis haut)² matenee verglach. Am LWB fënnt een a fënnf Bänn lëtzebuergesch Wieder a geleefeg Tournurë mat däitschen Iwwersetzungen oder Remarken. Aus der Perspektiv vun haut wierkt de Choix vu Wieder am LWB op ville Plaze problematesch, well en duerch eng Rei Begrëffer an Erklärungen Gesellschaftsgruppen diskriminéiert a Sachverhalter staark pauschaliséiert, ouni datt dës Inhalter am Wierk problematiséiert ginn.³ Dofir muss een den

LWB ëmmer a sengem (gesellschaftlechen) Entsteekungskontext gesinn. Eng méi aktuell Source, déi stänneg erweidert an aktualiséiert gëtt, ass den LOD mat senge véier Iwwersetzungsproochen (Däitsch, Franséisch, Englesch, Portugisesch), Audioen, Tabellen an de ville Beispillssätz.

Fir an dësem Artikel och e méi „private“ lëtzebuergesche Sproochkontext presentéieren ze kënnen, gouf eng kleng informell Ëmfro gemaach, bei där 10 Mammesproochler*innen (tëscht 25 a 40) gefrot goufen, wéi si dës sexuell Wuertfelder benennen.

Wuertfeld: Peenis

Als éischt steet dat Wuertfeld am Fokus, dat a béiden Dictionnaren am stäerkste vertraued ass: de Peenis. Do kann een elo verschidden Theorien opstellen, firwat dat esou ass. Et kéint een dovunner ausgoen, datt de Peenis eppes ass, wat méi Änlechkeet mat bestëmmten Objeten huet (eleng duerch de Fait, datt en am Géigendeel zu der Scheed vu bausse gutt ze gesinn ass) an dofir méi Choix bei de Metaphere bitt.


Op der stilistescher Achs beweegt sech d’Wieder am LWB haaptsächlech op där witzeg-kreativer bis vulgärer Säit. Bei der opfälleg héijer Unzuel u Begrëffer fir de

Peenis ass allerdéngs net kloer, ob all dës Begrëffer deemools etabléiert waren oder Spontanbildung vum den Auteure sinn.

Déi meescht Metaphere bauen op enger visueller Änlechkeet zum männleche Glidd op: *Flëntelaf*, *Käerz*, *Kliefchen* (Diminutiv zu *Kluef*, dt. ‚Kolben‘), *Päif*, *Reedel*, *Stänner*, *Stupp* (dt. ‚Stummel‘, ‚Stumpf‘) oder *Täissel* (dt. ‚Deichsel‘). Bei de Waffebegrëffer (am LWB: *Fisek* [dt. ‚Flinte‘], *Säwel*; an der Ëmfro 2020: *Knëppel*, *Hummer*) ass net ganz kloer, ob et eng visuell Metapher (laangen, haarde Géigestand) oder eng gedanklech Muechtmetapher ass (Ausübung vun Dominanz). D’Muecht weist sech méi explizit an der Kollektivbildung *Gemächt/Gemaach/Gemiecht*, wat sech vu *Muecht* ofleede léisst. Aner Begrëffer ginn op d’Harnfunktioon an: *Biz* (dt. ‚Krug‘), *Pissert*, *Pissmänni* oder *Strëtzer*.

Am LWB fanne sech och eng Rei Tournuren, déi mam Peenis oder mat enger Erektioun ze dinn hunn, awer net direkt eng Bezeechnung fir d’Organ sinn.

D’Caroline Döhmer ass promovéiert Linguistin a schafft beim Zenter fir d’Lëtzebuergesche Sprooch, zu deem och de Lëtzebuergesche Online Dictionnaire gehéiert. Si analyséiert am léifsten de lëtzebuergesche Sazbau an och Wuertkategorien. Donieft huet si och e Faibel fir zweedeiteg Witzer.



Wuertfeld <i>Peenis</i>	stilneutral	Metapher (allgemeng)	Personifizierung (männleche Virnumm)	aner
LWB	Glidd	Apparat, Biz, Fisek, Flätsch, Flëntelaf, Juegdgewier, Käerz, Kärelechen, Kliefchen, Päif, Pissert, Pissmänni, Portmonni, Reedel/Riedel, Rimm, Säwel, Schwanz, Spatz, Stänner, Steiwen, Strétzer(t)/Strutzer(t), Stupp, Täissel, Vull, Waassergäns	Jok(el)i (Jakob), Jolli, Jorscheli (Georges), Jules, Muerzel (Marcel), Zebedäus	Binnes, Bunnes, Ditz, Geläbber/Geläb-besch, Gemächt/Gemaach/Gemiecht
LOD	Glidd, Peenis	Gäns, Schwanz, Stänner, Vull	/	Bunnes

stilneutral: Hei sti Wierder, déi stilistesch net markéiert sinn. Se sinn net besonnesch euphemistesche an och net vulgär. Et si Wierder, déi ee warscheinlech géif bei engem Gespréich mat engem Dokter benotzen.

Metapher: Hei stinn Ausdréck, déi e Vergläich duerstellen, sief et duerch eng visuell oder eng gedanklech Änlechkeet.

Wann e Metaphermuster besonnesch heefeg ass, kritt dës Prinzip eng eege Kolonn.

aner: Dës Begrëffer sinn net metaphoresch an net stilneutral (ouni eng detailléiert etymologesch Analys kann allerdéngs net ausgeschloss ginn, datt eenzel Wierder op eng eeler Déierebezeichnung oder eng aner Metapher zeréckginn).

Esou fënnt ee beispillsweis déi als obszön markéiert Wendung „dunn ass e geklommen“ (fir: eng Erektioun kréien). Bei aneren Tournurë liwwert den LWB

keng kloer Erklärung, wéi bei „de Klenen huet geschwat (obsz[ön] für Penis)“, oder et gëtt mam latiniséierte Fachbegrëff beschriwwen wéi am Beispill „de Guckuck

séngt (*penis erigitur*)“. Nieft dëser méi knappen Erklärung stinn op anere Plaze relativ detailléiert Ëmschreiwungen. Bei der *Waassergäns* gëtt preziséiert, wéi esou eng „Morgenlatte“ eigentlech entsteet: „durch Druck in der Harnblase bedingte Erektion“. Mee och déi onangeneem Säite ginn am LWB beschriwwen: „en huet sech de Vull verbrannt“ (fir: en huet eng Geschlechtskrankheet opgeraaft). Da fënnt een och méi absurd Bezeichnungen, wou de Peenis eng vu siwe Wuertbedeutungen duerstellt, wéi beim Wuert *Stipperchersiessen*, dat eigentlech „Würstchen mit Sauerkraut“ bedeit, mee laut LWB och einfach e Peenis ka sinn.

Datt de Penis mat engem männleche Virnumm personifiziert gëtt, ass net ongewöhnlech (dat geschitt jo och beispillsweis am Däitschen, wou een an engem bekannte Spréchwuert vum „Johannes“ schwätzt). Hei fënnt een allerdéngs och méi rar a speziell Nimm wéi den *Zebedäus*. De Penis gëtt quasi mat engem eegenen Ego duergestalt, wat och beim Substantiv *Kärelchen* oder beim Ausdréck „dee Klenge huet geschwat“ däitlech gëtt.

Am LOD ass d'Wuertfeld méi kleng, awer dofir och méi balanciert tëscht neutralem (*Glidd, Penis*) a vulgärem Gebrauch (*Bunnes, Schwanz, Vull*, mat Erektioun: *Gäns, Stänner*). Bei der informeller Ëmfro kommen nach weider Termen derbäi wéi de *Jeep, Lëll, Stängel* oder den *Apparat* (deen als éischer vage Begrëff och schonn am LWB opgelécht gouf). Op der stilistescher Achs wieren dës Termen éischer an der Mëtt.

Wuertfeld: Scheed

Beim Wuertfeld vun der Scheed schéngt dat follgend Zitat ganz passend, dat op déi terminologesch Problematik am Däitschen hiweist: „Wie soll man's auch nennen, das weibliche Geschlecht? Vagina – das klingt wie eine Infektionskrankheit, Fotze wie ein Schimpfwort, schlampigordinär. Muschi hingegen ist fast schon wieder eine Verniedlichung, und Möse klingt böse, zumindest ein wenig fies.“⁴

Nieft der grousser Mass u Begrëffer, déi ee fir de Penis fënnt, ass de Beräich vun der Scheed am Lëtzebuergesche manner detailléiert beschriwwen. Ausserdeem fënnt een hei eng Rei Wierder, déi warscheinlech idiolektal, also op individueller Basis benotzt ginn an net dem allgemenge Sproochgebrauch entsprechen.

Am LWB ass et interessant, datt et keng stilneutral Bezeichnung gëtt. E bësse komesch wierke Begrëffer wéi *Opanzou* (e Wuert, dat nieft *Harmonika, Tirett* a *Féckmillchen* och *Scheed* ka bedeiten) oder *Pujel* (dt. ‚Kalbsbries‘, dat gesäit aus wéi wäisslech-rosa Gehiermass an ass keen optimale visuelle Verglach [vläicht éischer e sensoreschen?]). Bei den Iwwersetzung gëtt den LWB meeschtens op de laténgesche Begrëff *vulva* zeréck, deen awer weeder am LWB nach am LOD en eegent Lexem duerstellt. Nieft de méi vulgäre Bezeichnung *Lach* a *Fotz* gëtt et am LWB och méi verspillte Bezeichnung wéi *Mauseli* oder *Miisschen* (de Verglach mat enger Kaz gëtt et och bei dt. ‚Muschi‘ a bei engl. ‚pussy‘) an och eng Form, wou d'Harnfunktioon méi zentral ass: *Pissgeschier*.

Bei deem Wuertfeld treëft een och op „Hüllwörter“, wéi Euphemismen am LWB genannt ginn, déi a ville Fäll esou vag sinn, datt hir Bedeitung net direkt kloer gëtt: „hatt huet et un der Geschicht“ (fir: hatt huet eng Geschlechtskrankheet) oder „t huet de ganze Kaméidi gewisen“ (fir: hatt huet seng Geschlechtsdeeler an/oder seng Brëscht gewisen). Aner Begrëffer wéi „eng Schmecks“ (dt. ‚Vulva‘) oder „eng Munn“ (dt. ‚Geliebte‘) sti relativ isoléiert am Dictionnaire, ouni Erklärung, Beispill oder Stilmarkéierung.

Den LOD ass och bei der Scheed méi balanciert op der stilistescher Achs: zwee neutral Wierder (*Scheed, Vagin*) an zwee méi vulgärer (*Fotz, Mutsch*). Méi kreativ ass et an der Ëmfro zougaangen, wou provokativ Metapheren (*Dous, Fleeschenvolpe, Tirang*) nieft méi verspillte Begrëffer (*Mickymaus, Mumu, Muschi* oder *Tut(i)*) genannt goufen. Aner Begrëffer waren hei Vergläicher mat Déieren (*Mull,*

Schleek), vulgär Ausdréck (*Flaus*) oder vag Ëmschreiwungen (*Plü*).

Wuertfeld: sexuell Handlungen

Bei de sexuellen Handlungen (wou d'Masturbatioun ausgeklamert gouf) fanne mer ënnerschiddlech Ausdréck, déi insgesamt éischer engem vulgäre Stil entsprechen.

Den LWB, dee beim Wuertfeld *Penis* grouss Kreativitéit gewisen huet, ass beim Sex manner inspiréiert: vum méi neutrale *matenee schlofen* bis bei *buppen* a *fëcken* tauche kaum aner Verben op.

Am LOD komme scho méi Begrëffer zesammen, déi deelweis spilleresch (*bimmelen*) oder méi vulgär ausfalen (*erbäihuelen, flaachleeën, fëcken*). Bei der informeller Ëmfro goufen nach weider Metaphere genannt: Geräischer (*knallen, knuppen*), eng vergläichbar Aktivitéit (*rammelen, reiden*) oder de Fait, datt eppes widder eppes geschloe gëtt (*hummeren, neelen, técken*).

Bei de lëtzebuergesche Substantiver kann de Pompjee och *Fellatio* bedeiten an d'Minett *Cunnilingus* (also Oralverkéier, eemol beim Mann an eemol bei der Fra). Am LWB fënnt ee just den Oralverkéier bei der Fra, woubäi een d'Konstruktioun scho kenne muss, well se weeder erkläert nach iwwersat gëtt: „Minett [...] in der obszönen Redensart: Minett maachen“. Am LOD ass et genee deen anere Wee, hei fënnt ee just den Oralverkéier beim Mann: *Pompjee* (dt. ‚Fellatio‘), deen awer onmëssverständlech beschriww gëtt. Och beim Verb *blösen* gëtt den Oralverkéier am LOD just fir de Mann beschriwwen. Wat mat der Fra am Lëtzebuergesche geschitt, ass bei der Wuertfeldanalys net däitlech ginn (gëtt se *geleckt?*).

Sproochstiler an den Ëmgang mat der Sprooch

D'Beispiller aus den Dictionnairen an aus där informeller Ëmfro weisen, dass een nieft eenzelen neutrale Begrëffer eng verhältnesmëssig grouss Unzuel u Wierder fënnt, déi verspillt oder och ganz graff sinn. Déi vulgär Beispillsätz am LOD stinn dann och vun Zäit zu Zäit an der Kritik, well se ze graff sinn oder ze vill Klischeeën ofbilden. Hei huet d'Viviane

Wuertfeld <i>Scheed</i>	stilneutral	Metapher (allgemeng)	Metapher (Déier)	aner
LWB	/	Lach, Opanzou, Pissgeschier, Pujel	Mauseli, Miiss(chen), Muuss	Fotz, Geschicht, Kaméidi, Munn, Schmecks
LOD	Scheed, Vagin	/	/	Fotz, Mutsch



Foto vum Dainis Graveris via Unsplash

Thill an hirem *forum*-Artikel am Dezember 2016 d’Bemierkung gemaach, dass déi sexuell Verben am LOD eng bestëmmt Systematik bei de Beispillssätz opweisen: Et sinn ëmmer d’Männer, déi eng sexuell Handlung aktiv uginn, d’Frae sinn an de Sätz meeschtens den Objet vun dese Verben.⁵ Dat war effektiv eng eesäiteg Duerstellung vun der Sexualitéit, déi elo ugepasst gouf, esou dass d’Fraen net just an enger sex-passiver Roll matwierken an och homosexuell Kierperlechkeet duergestallt gëtt.

Am lëtzebuergesch-sproochge Podcast „Méi wéi Sex“ vum *Radio Ara* (deen am Artikel op der Säit 52 vun deser Ausgab méi no beliicht gëtt) gëtt d’Thematik vun de sexueller Wuertfelder am Lëtzebuergesch och reegelméisseg ugeschwat. D’Moderatiounsekip stellt ëmmer erëm

fest, dass et eng allgemeng Onsicherheit gëtt, wann iwwer sexuell Handlungen an déi intim Kierperdeeler geschwat gëtt. Dat weist sech engersäits doranner, dass entweder ze rau-vulgär oder ze distanzéiert-biologesch iwwer d’Organer an d’Praktik geschwat gëtt.⁶

Bei jonke Leit gëtt dës Wuertfeld net nëmmen duerch hiert soziaalt Ëmfeld, mee och duerch d’Popkultur beaflosst. Beim Begrëff *Fleeschveloppe* kéint een e Lien zum Wuert ‚ham wallet‘ maachen, dat an engem Lidd vun der Bloodhound Gang fält. Oder d’Wuert *Fleeschgewier*, dat an engem Rammstein-Lidd optaucht. Hei funktionéiert déi deels witzeg, deels rau Provokatioun dann als Opmierksamkeitsstrategie an et weist och, dass et am Lëtzebuergesch verschidde Weeër gëtt, fir nei Wierder ze bilden. Ob des nei

Begrëffer eng Spontanbildung bleiwen oder sech etabléieren, léisst sech schwéier viraussoen.

Bei de sexueller Wuertfelder resultéieren d’Onsicherheit an déi terminologesch Onschäerften och aus engem gesellschaftlechen, generatiouneniwwergräifenden Tabu. Op där enger Säit stinn dann Euphemisme wéi *Apparat* oder *Geschicht* an op där anerer Säit Dysphemismen (ofwärtend Begrëffer) wéi *Pissert* oder *Lach*. De Gebrauch vun de Begrëffer, déi hei virgestallt goufen, riicht sech generell ëmmer nom Gespächspartner an der Gespächssituatioun. Mat der Zäit kënn et dann och zu Verännerunge vun Wuertschaz a vun de Stilnuancen. Dat géif mat sech bréngen, dass verschidden Ausdréck als méi oder manner „ellen“ wouergeholl ginn ewéi vläicht nach zwou Generatiounen virdrunner. Wéi vulgär en Ausdréck wéi *Féck mech!* ass, gëtt schlussendlech och individuell bewäert. Dann ass et beim Schwätzen e bësse wéi beim Sex: Déi eng hunn et jee no Stëmmung léiwer méi graff oder méi duuss. ♦

- 1 LWB = *Luxemburger Wörterbuch*, Band 1-5. Erausg vum der Wörterbuchkommission, Lëtzebuerg, P. Linden, Hofbuchdrucker, 1950-1975. Online accessibel via http://engelmann.uni.lu:8080/portal/WBB2009/LWB//wbgui_py?mainmode (all Internetsäiten, déi hei opgeléicht ginn, goufe fir d’lescht den 20.02.2020 opgeruff).
- 2 Den LOD ass accessibel via www.lod.lu. Déi éischt Versioun vum Dictionnaire ass 2007 online gaangen.
- 3 Eng méi detailléiert Aschätzung vum LWB féinnt een ënner <https://infolux.uni.lu/worterbucher/>. Nieft deser Problematik bleift den LWB awer eng gutt Source fir den eelere Sproochgebrauch.
- 4 *Süddeutsche Zeitung* (10.11.2001), zitéiert no www.dwds.de/wb/Möse.
- 5 Thill Viviane, „Lost in Translation“, an: *forum* vum Dezember 2016 (Nr. 368), S. 42f.
- 6 Bei de biologesch Begrëffer kënn dann nach dobäi, dass Wierder wéi *Vagina* zwar relativ stilneutral kléngen, se dann awer anatomesch falsch benotzt a verwiesselt ginn, wéi d’Sexualpädagogin Kelly am Podcast erkläert.

Wuertfeld sexuell Handlungen	Metapher	aner	Substantiver
LWB		fécken, buppen, zesumme schlofen	Minett
LOD	biischen, blosen, bimmelen	buppen, druloossen, erbäihuelen, flaachleeën, fécken, mat engem schlofen	Geschlechts- verkéier, Pompjee, Sex